ACEL
de Studentevertrieder

Resultater a Statistike vun eiser Ëmfro, souwéi eng Presentatioun vun den Systemer

Kannergeld:

Somme vu Kannergeld, Kannerboni an allocation de rentrée scolaire am aktuelle System pro Kand pro Joer. (Hänkt nëmme vun der Zuel vun de Kanner of)

1 Kand: 3894€
2 Kanner: 4391€
3 Kanner: 5039€
4 Kanner: 5322€
…

Am neie System gëtt d'Kannergeld an d'allocation de rentrée scolaire oofgeschaaf. De Kannerboni geet direkt un de Student.
(Source: http://www.cnpf.lu -> barèmes -> Les barèmes des prestations familiales -> 01.01.08)

Aktuell (aal) AideFi:

(http://www.cedies.public.lu/fr/aides-financieres/pret-bourses/index.html)

D'Grondphilosophie vum ale System ass, dass d'Eltren hier Kanner sou gutt et geet ënnerstëtze sollen. Kënne se dat net maachen, gëtt de Staat eng Bourse. Zousätzlech gëtt de Staat e Prêt – fir de Fall wou.

Montant de base:
Wann ee Kand studéiert, ass dee Montant de base 7800€. Wann zwee Kanner am Stot matenee studéiere gëtt dee Montant de base 7800€ + 1000€ = 8800€. Pro Kand wat am Stot nach studéiere geet miss dee Montant de base “theoretesch” ëmmer em 1000€ eropgoen.

Opdeelung Bourse/Prêt vun deem Montant de base:
De Montant deen en Student als Bourse kritt hänkt vum Akommes vun sengen Elteren a vum Akommes vum Student selwer of. Wann een am Master oder Doktorat (3ème cycle) as, dann hänkt en nëmmen nach vum Akommes vum Student of. Déi maximal Bourse as 4000€ (hors frais d’inscriptions). Ab engem Akommes vun ënner 2900€ (brutto) vun den Eltere krit de Student eng Bourse (dëst gëllt just fir Eenzelkanner, de Montant geet bei méi Kanner déi gläichzäiteg studéieren, rop). Wat d’Eltere manner verdéngen, wat de Studente méi Bourse kritt. Den Eegenakommes vum Student spillt och eng Roll: Wann de Student Geld verdéngt, gëtt d’Bourse nees méi kleng. Bei engem 3. Cycle Student zielt nëmmen den Akommes iwwer 25.000€.
Speziell Situatiounen:
- Well Master Studenten meeschtens keen héigen Eegenakommes hun kréie si oft eng voll Bourse vun 4000€.
- Fier Uni.lu Studenten (déi kee Loyer à charge hunn) zielt déi selwecht Rechnung, just gin um Enn d’Montant’en “mol 2/3” gerechent. Si kréien am Moment also manner wei e Student am Ausland.

Primes d’encouragement:
http://www.cedies.public.lu/fr/aides-financieres/prime/index.html

Nei AideFi:

Hei ass d’Grondphilophie, dass all Student genau d’selwecht behandelt gëtt: Jidwer Student krit 6000€ Bourse an 6000€ Prêt, onofhängeg vun der familiärer Situatioun. Dobei kënnt nach datt de Student pro Joer 922€ iwwerwise kritt a genee wéi am ale System bis zu 3700€ fir d’Aschreiwungskäschten kritt. Primes d’encouragement ginn oofgeschaaf. D’Argumentatioun ass, dass vill Eltren anscheinend am ale System hier Kanner (entgéint der gesetzlecher Obligatioun) net ënnerstëtzt hunn, an d’Kanner dofir e Prêt hu mussen huelen. D’Kanner aus aarme Familien konnte bal ouni Prêt an d’Berufsliewe starten, während Kanner vu räichen Eltren als éischt mol e grousse Prêt mussen zréckbezuelen.
Artikelen:

- http://www.wort.lu/wort/web/letzebuerg/artikel/95470/mehr-freiheit-und-verantwortung-fuer-studenten.php
- http://news.rtl.lu/news/national/70191.html
- http://www.tageblatt.lu/luxembourg/41785.html

WICHTEG: Resultater vun der Emfro:

Graphique 1 :



Dëst ass de Graphique deen d'Resultater vun eiser Ëmfro resüméiert. E stellt duer wéivill Leit giffe beim neie System Geld (non-remboursable) verléieren oder gewannen. 3. Cycle Studenten (zB. Masteren) sinn net do dran, well si d'Rechnung verfälschen(*). Als Nullpunkt ginn 6922€ geholl. Als éischt mol zum grengen Deel: dat sinn déi, déi gewannen. Sou gewannen z.B. eng 40 Leit tëscht 3.000 an 3.250 Euro. Déi genee Chiffren si vu riets opcumuléiert. Et kann een also ofliesen, dass insgesamt 165 Leit gewannen, vun eiser Stéchprouf. Zousätzlech ass d'Moyenne agedroen, wivill d'Leit am Duerchschnëtt gewannen, wa se da gewannen. Dat sinn 2.365€. 110 Leit gewannen also méi wéi d'Moyenne. De rouden Deel ass symmetresch : dat sinn déi Leit, déi verléieren.
Et siew bemierkt, dass déi Leit, déi kee Kannergeld oder keng AideFi kruten, net matgezielt ginn, well do meeschtens eng speziell Situatioun virloung, déi vun eiser Statistik net erfaasst konnt ginn (z.B. ass onkloer, ob déi an Zukunf AideFi kréien oder net). Dat sinn awer just ganz wéineg Fäll.

Eckdaten:
Studenten déi verléieren: 42 (20%)
Studenten déi gewannen: 165 (80%)
Total Studenten: 207 dei konnten ausgewäert gin.
Moyenne Verloscht: -1.303€
Moyenne Gewënn: 2.365€

Beispill vun engem Student dee verléiert:

Ee Student aus enger Famill mat 3 Kanner, dovunner ee Student. De Student kritt eng Bourse vun 3.000€:

Kannergeld & co :	5.039€
Bourse :	3.000€
Prêt :	4.800€
Total non-remboursable:	8.039€

Leit déi nom neie System verléieren:

- Frontalier'en
- Sozial Fäll
- Leit déi ze laang brauche fir hire Studium ofzeschléissen
- Leit déi eppes studéiere wat de CEDIES net unerkennt, wat awer vun der Kannergeldkeess unerkannt gouf

Graphique 2:



Dëse Graphique stellt duer wéivill Leit giffe beim neie System am Total u Geld (Prêt an Bor zesummen) verléieren oder gewannen. 3. Cycle Studenten (zB. Masteren) sinn net do dran, well si d'Rechnung verfälschen(*). Als Nullpunkt ginn 12.922€ geholl. Fir de Rescht ass de Graphique analog zu deem virdrun.

Beispill vun engem Student dee verléiert :

(*) Master Studenten verleiren an deenen nächsten 2 Joer Geld bei der Afeierung vun der Refrom, well dei meescht Masteren 4000€ Bourse kreien. Desen Verloscht as awer nemmen an deenen nächsten 2 Joer do : Wann dei Master Studenten och schon an hierem Bachelor ennert dem neien System AideFi krit hätten, geifen se neischt iwwert dei 5 Jor verleieren.